

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz  
2021

2

## Motioun

HA au sujet de la mise en  
place des différentes étapes  
pour la sortie des mesures  
de restriction

D'Chamber vun den Deputéierten:

- stellt fest datt d'EU de „Gréngen EU-Pass“ (Impfpass) fir den 1. Juni 2021 ugekënnegt huet;
- datt den EU-Conseilspresident Charles Michel declaréiert huet datt de „Gréngen EU-Pass“ nëmme während der Corona-Pandemie gëllt ;
- ass besuergt iwwe eng Rei vun internationale Fuerderungen, déi dorop eraus lafen, eng Zwou-Klasse-Gesellschaft ze schafen, an där geimpfte Persounen méi Rechter wéi net geimpfte Persounen hätten;
- decidéiert d'Perséinlechkeetsrechter vun de Mënschen ze schützen an d'Gefor vun engem „gliesene Bierger“ ze bekämpfen;
- decidéiert, weider fir eng solidaresch Gesellschaft anzetrieden;

fuerdert d'Regierung op:

- sécher ze stellen, wann néideg och duerch legislativ Initiativen, datt keng Ënnerscheeder tëschent geimpften an net geimpften Persounen däreft gemaach ginn;
- dofir ze suergen, datt déi fräiwëlleg Decisioun fir sech impfen ze loosse oder net, keng Auswierkungen däreft op déi individuell Fräiheeten hunn, wéi och z.B. d'Reesfräiheet, a sech an dem Sënn och géintiwwe anere Staaten ze engagéieren;
- ze assuréieren, datt kommerziell Transaktiounen oder Déngschtleeschungen net däreft vun enger Impfbestätegung ofhängeg gemaach ginn;
- datt de „Gréngen EU-Pass“ nëmme däreft vu medezineschem Personal consultéiert ginn, respektiv vu staatlechen Autoritéiten an deene Länner, déi eng Impfung als Konditioun fir eng Arees fuerderen;
- datt de „Gréngen EU-Pass“ nodeems d'WHO d'Enn vun der Pandemie declaréiert huet, nees agezu gëtt an net weider däreft benotzt ginn.

